N°1769
Entrée le 04.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizministesch, Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro n° 1769 vum 14. Januar 2025 vum honorabelen Deputéierten Här Sven CLEMENT iwwert Deepfake Pornographie**

***Sinn hei zu Lëtzebuerg Fäll bekannt, an deene mat der Hëllef vun enger KI pornografesch Deepfake vu Persounen erstallt goufen? Wa jo, wéi vill Fäll si bekannt?***

De Parquete si bis elo keng Fäll bekannt, an deenen zu Lëtzebuerg mat Hëllef vun enger KI pornografesch Deepfakes vu Persounen erstallt goufen.

***Ass geplangt, fir e spezifesche gesetzleche Kader auszeschaffen, fir dëst Zort vu Verbriechen ënner Strof ze stellen?***

***Wa jo, wou sinn dës Aarbechten drun?***

***Wa nee, firwat net?***

Lëtzebuerg huet keng Gesetzgebung, déi sech explizit mat der Erstellung oder Verbreedung vun Deepfake-Pornografie befaasst. Allerdéngs kënne Fäll vun esou Deepfakes ënnert déi allgemeng Dispositioune vum Code pénal falen, wéi z. B. iwwer Attacken op d'Éier vun enger Persoun (*atteintes à l'honneur*). Dës Dispositioune ginn technologieneutral applizéiert. Am Kader vun der Reform vum Code pénal, déi vum Justizministère etappeweis am Gang ass gemaach ze ginn, gëtt awer och analyséiert, ob nei potentiell Strofdoten, grad mat Bléck op déi aktuell technologesch Méiglechkeeten, mat eisen haitege gesetzlechen Dispositioune genuch ofgedeckt sinn.

Wat allgemeng d'Verbreedung vu pornografeschem Material ugeet, sief och op den Artikel 383 vum Lëtzebuerger Code pénal verwisen, dee präziséiert, datt d'Fabrikatioun, den Transport, d'Verbreedung op iergendeng Manéier an op all Medium vun enger gewalttäteger oder pornografescher Noriicht oder vun enger Noriicht, déi d'mënschlech Dignitéit schwéier beaflosse kann, oder den Handel mat esou enger Noriicht mat enger Prisongsstrof vun engem Mount bis zu 3 Joer an enger Geldstrof vun 251 bis 50.000€ bestrooft gëtt, wann dës Noriicht vun engem Mannerjärege ka gesinn oder verstane ginn. Den Artikel 383bis vum Code pénal gesäit méi héich Strofe vir, wann et ëm Biller geet, déi e Mannerjärege betreffen.

Wat Deepfakes uginn, an allgemeng Inhalter déi vun engem AI-Modell generéiert ginn, ass zousätzlech ze betounen, datt d'europäesch Unioun e kohärente legale Kader fir den digitale Raum an Europa schaaft. Den Digital Services Act (DSA) an an dësem Fall grad och den AI Act sinn z.B. hei wichteg Initiativen aus de leschte Joren, déi hëllefen den digitale Raum adequat ze encadréieren, Obligatioune virgesinn an d'Rechter vun de Bierger schützen. Wéi schonns an der Äntwert op d'Fro 1165 präziséiert, spillt och de "Code of Practice on Disinformation" vun der Europäescher Kommissioun eng wichteg Roll. D'Zil vun dësem Outil, wat säit dem 13. Februar 2025 an den DSA integréiert gouf, ass et, manipulatiivt Verhalen online, esou wéi d'Verbreede vun Desinformatioun, ze reduzéieren, an dëst notamment duerch eng méi staark Zesummenaarbecht tëscht de Signatairen, wat Techniken, wéi

beispillsweis falsch Profiller, Bots, oder eben och “deep fakes” ugeet. Den AI Act gesäit spezifesch vir, wann déi Dispositioune bis a Kraaft sinn, dass d‘Bierger kloer informéiert ginn, wann et sech bei engem Inhalt ëm een Deepfake handelt.

Luxembourg, le 3 mars 2025.

La Ministre de la Justice

(s.) Elisabeth Margue